N° 5365
Reçue le 21.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°5365 vum éierbaren Deputéierte Marc Goergen zum Thema « Réunion du conseil communal à huis clos »**

Den Deputéierten informéiert sech iwwer Sëtzunge vum Gemengerot, déi *à huis clos* ofgehale ginn.

Den Inneministère féiert keng Statistiken iwwert de Gebrauch vum Huis clos, weder iwwert d'Unzuel vun de Sëtzungen, d'Natur vun den Décisiounen, déi à huis clos stattfannen, nach iwwert d'Grënn, déi zum Huis clos féieren.

De Huis clos gëtt vun den Artikelen 19 an 21 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 organiséiert. Den Artikel 19 appliz éiert sech automatesch, an de Gemengerot huet d'Fakultéit fir op de Huis clos zréckzegräife wann d'Konditioune vum Artikel 21 erfëllt sinn. Ausnamen dozou ginn et keng.

Op Nofro hin huet d'Gemeng Déifferdeng mir matgedeelt, dass et sech bei de Sëtzunge vum Gemengerot am Mount Juni 2021 ëm informell Aarbechtssëtzunge gehandelt huet, wärend deene keng Décisioune geholl gi sinn, an dass d'Sëtzung vum 27. Oktober eng ëffentlech Sëtzung war. Zu dësem Moment si mir keng Décisiounen aus der leschter Sëtzung bekannt, déi eng Mesure am Kader vun der Surveillance iwwert d'Gestioun vun der Gemeng géife fuerderen.

De Gemengerot däerf Aarbechtssëtzungen ofhalen. Décisioune kënnen awer just an deene Gemengerotssëtzunge geholl ginn, déi konform zu de Bestëmmunge vum Gemengegesetz aberuff an ofgehale ginn. Prinzipiell sinn dat ëffentlech Sëtzungen, a just an deene vum Gesetz limitéiert opgezielte Fäll kann eng Sëtzung oder en Deel vun enger Sëtzung à huis clos ofgehale ginn.

Lëtzebuerg, den 21/12/2021.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding